

März 2025
Koplescht - Briddel

N^o 57

KoBri

Magazine



Koplescht
Briddel



IMPRESSUM

EDITIOUN: Administration communale de Kopstal

KOORDINATIOUN A MISE EN PAGE:

Service de communication et des relations publiques

brain&more - agence en communication

FOTOE VUN DE COUVERTUREN: Shutterstock (1. Couverture),

Max Staus (2. & 4. Couverture)

Dëse Magazine gëtt an 1.800 Exemplaren op recycléiertem Pabeier gedréckt

SOMMAIRE

Le KoBri Magazine est également disponible en langue française sur le site www.kopstal.lu



VIRWUERT

Josy POPOV - Schäffen	4
-----------------------	---

NEIEGKEETEN AUS DER GEMENG

Präventioun géint Abréch a Bedruch – Résumé vun der Presentatioun	8
D’Gemengereglement betreffend Poubellen	11
Aménagements antiérosifs	12
Neien Trakter a Gefierer fir d’Gemeng	14

NATUR & TOURISMUS

Rettungspunkte Kopstal	17
Wéilt och Dir eng schéi bléiend Blummewiss bei Iech hunn?	18

AKTIVITÉITEN & KULTUR

LUXTRUST	20
Aktioun Chrëschtjäk fir Familljen an Osteuropa	21
Retrospektiv – Vergaange Manifestatiounen Dezember 2024 bis Januar 2025	22
Buergebrennen	28

PRAKTESCH INFORMATIOUNEN	35
--------------------------	----

LETTRE À LA RÉDACTION*

Wann Dir zum Contenu vum KoBri Magazine wëllt bäidroen, kënnt Dir gär den Äre Sujet / Ären Artikel dem Kommunikatiounsservice schécken.

Si vous désirez contribuer au contenu du KoBri Magazine, nous vous invitons à soumettre votre sujet / article au service de communication.

If you wish to contribute to the content of KoBri Magazine, we invite you to submit your topic / article to the communications department.

communication@kopstal.lu

* De Kommunikatiounsservice erlaabt sech, d’Selektioun vun den Artikelen ze maachen déi publizéiert ginn. • Le service de communication se réserve le droit de sélectionner les articles qui seront publiés. • The communication department reserves the right to select the articles to be published.




Foto: Max Staus

VIRWUERT

Josy POPOV - Schäffen

 Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

Wa mer e puer Méint zrëck kucken, da war de Januar alles anescht wéi "Alles Guddes am neie Joer!" Reen, Reen, an nach eng Kéier Reen, an dat bis an de Februar eran. Dat huet dozou gefouert, datt d'Handwierksbetriber, déi op eise Gemengen- Schantercher geschafft hunn, hir Aarbechte kuerzzäiteg fir e puer Wochen hu missen ënnerbriechen, sou datt den Zäit-Planning vun deene Baustellen ëm Wochen zeréckgehäit ginn ass.

D'Maison Relais, déi fir d'Rentrée 2025 fäerdeg sollt sinn, muss elo bis Enn 2025 respektiv Ufank 2026 zrëckgesat ginn. Well d'Fënsteren nach net all agesat waren, ass elo eng héich Fiichtegkeet am ganze Gebai, dowéinst konnte weder d'Elektriker nach d'Gipser weider schaffen. Dat ass nach net deen eenzegen Iwwel: Sou muss de Bau vun der neier Schoul, dee lo sollt an Ugrëff geholl ginn, bis September-Oktober 2025 zrëckgesat ginn. D'Salle Polyvalente an der rue de l'école, déi aktuell als Deel vun der Maison Relais fir d'Kanner genotzt gëtt, muss fir de Moment als Deel vun der Struktur bäibehale ginn, bis déi nei Maison Relais fäerdeg ass.

Et ginn awer och gutt Noriichten:

- **D'Briddeler Kierch:** De „projet définitif à la réhabilitation“ ass den 18.12.2024 vum Gemengerot gestëmmt ginn, sou datt d'Restauratioun an noer Zukunft an Ugrëff geholl gëtt.
- **D'Jugendhaus:** Esoubal eis Jugendlecher an dat fréiert Paschtoueschhaus geplënnert sinn, wäerte mir d'Jugendhaus esou amenagéieren, datt eis Veräiner eng Reunioun oder soss eng Aktivitéit do kënnen ofhalen. Och eis Bewunner hunn dann d'Méiglechkeet, déi Raimlechkeeten ze lounen.

- **De neie Kierfecht:** Mir wëllen de Bau esou séier wéi méiglech fäerdeg kréien, och wann dëse Projet duerch d'Wiederverhältnissen ëm Wochen zrëck gehäit ginn ass.
- **D'Kopleschter Kierch:** D'Kopleschter Kierch, déi der Gemeng gehéiert, gouf entweilt (desakraliséiert) sou datt mer als Gemengeresponsabel musse kucke wat mer mat dësem historesche Gebai maachen. (Op kee Fall gëtt se ofgerappt, sollt een dës Gedanken hunn.)
- **D'Agents municipaux:** Den 1. Mäerz 2025 huet d'Madame Jennifer FABER an der Fonctioun vum Agent Municipal ugefaangen an iwwerhëlt ënnert anerem folgend Missiounen:
 1. Sécherheet an eisen Uertschaften, haaptsächlech fir eis Schoulkanner
 2. Informatiounsautausch an eisen Servicier a puncto Ëmweltschutz, Sécherheet a Verkéier
 3. Hëllefsbereitschaft an d'Informatiounen un eis Awunner weider ze ginn
 4. Hëllef bei Persounen, déi an Nout sinn, no engem Accident oder bei gesondheetleche Problemer (psychesch a kierperlech) a sou ze vermeiden, datt d'Leit sech oder anerer a Gefor bréngen.
- **Naturpakt:** D'Gemeng Koplescht ass net nëmmen am Klimapakt vertrauten, mee och am Naturpakt. Hei konnte mir am Joer 2024 vun 45,62% op 49,19% eropgoen. Domat wäerte mer am Audit dëst Joer warscheinlech déi 50% erreechen an esou d'„Bronze“-Zertifizéierung kréien. Am grouse Ganzen hu mer déi lescht Jore villes op d'Bee gestallt a wäerten déi Projeten, déi an der Maach sinn, mat Nodrock weiderféieren.

Äre Schäffen, Josy POPOV

🇫🇷 Chères concitoyennes et chers concitoyens,

Un autre moment fort de cette fin d'année Si on passe quelques mois en arrière, le mois de janvier n'a pas forcément commencé sous le slogan « Bonne année ! » Pluie, pluie et encore pluie, jusqu'en février. C'est la raison pour laquelle les entreprises artisanales qui travaillaient sur nos chantiers communaux ont dû interrompre temporairement leurs travaux pendant plusieurs semaines, retardant ainsi le calendrier de ces derniers.

La finalisation de la Maison Relais, prévue pour la rentrée 2025, doit désormais être reportée à la fin 2025, voire début 2026. Comme toutes les fenêtres n'ont pas encore été installées, une forte humidité s'est installée dans tout le bâtiment, empêchant ainsi les électriciens et les plâtriers de poursuivre leurs travaux. Ce n'est pas le seul inconvénient : la construction de la nouvelle école, qui devait commencer, est également repoussée à septembre-octobre 2025. La Salle Polyvalente de la rue de l'école, actuellement utilisée pour les enfants dans le cadre de la Maison Relais, doit être maintenue comme partie de la structure jusqu'à l'achèvement de la nouvelle Maison Relais.

Cependant, il y a aussi de bonnes nouvelles :

- **L'église de Bridel** : Le projet définitif à la réhabilitation a été adopté par le Conseil communal le 18 décembre 2024, ce qui signifie que la restauration sera lancée dans un avenir proche.
- **La Maison des Jeunes** : Dès que nos jeunes auront déménagé dans l'ancien presbytère, nous aménagerons la Maison des Jeunes afin que nos associations puissent y organiser des réunions ou d'autres activités. Nos habitants auront également la possibilité de louer ces locaux.
- **Le nouveau cimetière** : Nous souhaitons terminer la construction le plus rapidement possible, bien que ce projet ait également été retardé

de plusieurs semaines en raison des conditions météorologiques.


- **L'église de Kopstal**: L'église de Kopstal appartenant à la commune, a été désacralisée, et nous, en tant que responsables communaux, devons décider de l'avenir de ce bâtiment historique. (Il est hors de question de la démolir, pour ceux qui en auraient l'idée.)

- **Les agents municipaux** : Le 1^{er} mars 2025, Madame Jennifer FABER a commencé sa fonction d'Agent Municipal et prendra en charge les missions suivantes, entre autres :

1. La sécurité dans nos localités, principalement pour nos écoliers
2. L'échange d'informations avec nos services concernant l'environnement, la sécurité et le trafic
3. La disponibilité et la diffusion d'informations à nos habitants
4. L'assistance aux personnes en détresse, après un accident ou en cas de problèmes de santé (psychiques ou physiques), afin d'éviter que les gens ne se mettent en danger ou ne mettent d'autres en danger.

- **Le Pacte Nature** : La commune de Kopstal est non seulement représentée dans le Pacte Climat, mais aussi dans le Pacte Nature. En 2024, nous avons pu augmenter notre score de 45,62 % à 49,19 %. Nous devrions donc atteindre les 50 % cette année lors de l'audit et ainsi obtenir la certification « bronze ». Dans l'ensemble, nous avons mis beaucoup de choses en place ces dernières années et nous continuerons à avancer avec les projets en cours.

Votre Échevin, Josy POPOV



🇬🇧 Dear fellow citizens,

If we look a few months back, January didn't necessarily start with the slogan "Happy New Year!" Rain, rain, and more rain, until February. This is why the artisan businesses working on our municipal projects had to suspend temporarily their work for several weeks, thus delaying their timelines.

The completion of the Maison Relais, originally planned for the school year 2025, has to be postponed until the end of 2025 or even the beginning of 2026. As not all windows have been installed yet, a high level of humidity has settled throughout the building, preventing electricians and plasterers from continuing their work. This is not the only downside: the construction of the new school, which was supposed to start, has also been delayed until September-October 2025. The Multipurpose Hall on rue de l'école, currently used for children within the Maison Relais, must remain as part of the structure until the new Maison Relais is completed.

However, there are also good news:

- **Church in Kopstal:** The final rehabilitation project was approved by the Municipal Council on the 18th of December 2024, which means the restoration will begin soon.
- **Youth House:** As soon as our young people have moved into the former rectory, we will set up the Youth House so that our associations can hold meetings or other activities there. Our residents will also be able to rent these premises.
- **New Cemetery:** We aim to complete construction as quickly as possible, though this project has also been delayed by several weeks due to the weather conditions.

- **Church in Bridel:** The church in Kopstal, which belongs to the municipality, has been deconsecrated, and we, as municipal leaders, must decide the future of this historic building. (Demolishing it is out of the question, for those who might have that idea.)
- **Municipal Agents:** On the 1st of March 2025, Mrs. Jennifer FABER started her role as Municipal Agent and will handle the following tasks, among others:
 1. Ensuring safety in our communities, mainly for our schoolchildren.
 2. Facilitating information exchange between our services regarding the environment, safety and traffic.
 3. Providing information and being available for our residents.
 4. Assisting people in distress, following an accident or having health (mental or physical) problems, to prevent individuals from endangering themselves or others.
- **Nature Pact:** The municipality of Kopstal is represented not only in the Climate Pact but also in the Nature Pact. In 2024, we were able to increase our score from 45.62% to 49.19%. We should therefore reach 50% this year during the audit and obtain the "bronze" certification. Overall, we have implemented many initiatives over the past few years and will continue to progress with ongoing projects.

Your Alderman, Josy POPOV

NEIEGKEETEN AUS DER GEMENG

Präventioun géint Abréch a Bedruch – Résumé vun der Presentatioun vum 9. Dezember 2024

Text a Fotoen: CCVEI



D'Kommissioun fir interkulturellt Zesummeliewen huet op Initiativ vun der Madame S. Pizzi, Vizepresidentin, eng Presentatioun organiséiert iwwert d'Präventioun géint Abréch a Bedruch, déi vun der Police gehale gouf. D'Gemeng seet dem Commissaire en chef Marc Ragnacci vum Service National de Prévention de la Criminalité e grouse Merci, deem d'Thema virgestallt huet, dëst zesumme mam Chef vum Policekommissariat Porte de l'Ouest* zu Stroossen an der Responsabeler vum Service de prévention de la toxicomanie bei de Jonken.

Et gouf presentéiert wéi ee sech am beschte géint Abréch schützt, wéi ee sech behuele soll, wann ee sech an enger Situatioun befënnt, wou den Abriecher nach am Haus ass, a wat een duerno maache muss.

Fir Abréch ze vermeiden, soll een d'Dieren an d'Fënsteren ëmmer zouspären, keng Fënsteren op Kipp loossen, och wann ee just kuerz fort ass ëmmer den Alarm aktivéieren an d'Beliichtung mam Timer astellen. Falls een engem Abriecher vis-à-vis steet, soll een net den Held spillen, mee direkt d'Police um 113 uuffen.

Falls Dir Affer oder Zeie vun enger krimineller Dot sidd an Dir visuell Beweiser hutt (Fotoen, Videoen), kënnt Dir dës un d'Police schécke per E-Mail un spj.rgb@police.etat.lu

E puer Beispiller vun den thematiséierte Sujeten:

- Recommandatioune fir virun enger Vakanz: et ass méiglech, d'Police iwwer seng Absence z'informéieren, andeems een de Formulaire „Départ en vacances“ op www.police.lu ausfëllt.
- D'Wichtigkeet vun engem Alarmsystem, esou wéi gutt geséichert Dieren a Fënsteren.
- Net gesécherte Residenzen duerch oppen Haaptieren, ouni visuelle Kontrollsystem oder Zougang duerch d'Garage.

D'Hauséierer stellen och e Risiko duer, well sou d'Méiglechkeet besteet Friemer an d'Wunnengen ze loossen. Et ass dofir recommandéiert, de Sticker „Colportage Nee Non Nein Merci“ op d'Bréifkëscht, oder d'Schell ze pechen. Dës Stickere kritt een um Biergeramt vun eiser Gemeng.

Vill aner wichteg Theme goufen ugeschwat, wéi zum Beispill:


- Sécherheitsmoossnamen, fir Abréch an den Auto ze vermeiden
- Wéi ee sech schützt virun Arnaquë per Telefon oder op de soziale Medien, oder wéi een drop reagéiere soll.
- D'Police huet och hier nei App presentéiert „police.lu“, déi een am App Store an am Play Store ofluede kann.



Dës App bitt ë. a. follgend Funktiounen:
Online-Plainte, Trafficsituatioun, „My Safe“, Noutruff asw.

D'Police huet och nach eng Kéier drop
higewisen, sech viru falsche Policebeamten
ze schützen!

*D'Kommissariat Porte de l'Ouest ass
zoustänneg fir d'Gemenge Stroossen,
Bartreng, Leideleng a Koplescht während
dem Dag. Vun 19:00 Auer owes bis 07:00
Auer moies ass d'Kommissariat vu Capellen
zoustänneg fir all Affairen am Zesammenhang
mat eiser Gemeng.



Contact & Informations


Commissariat Porte de l'Ouest
120a, route d'Arlon
L-8008 Strassen
Luxembourg
Tél. : (+352) 244 35 1000

Adresse postale :
B.P.68 / L-8001 Strassen

spj.rgb@police.etat.lu
www.police.lu



EIS GEMENG ËNNERSTËTZT DE FAIREN HANDEL



MIEUX CONNAÎTRE, POUR MIEUX LUTTER

Le commerce équitable s'appuie sur un concept fondamental des droits de l'Homme, à savoir que chacun a le droit de vivre dans la dignité et de tirer des moyens de subsistance décents de son travail. De là découlent d'autres droits : à l'égalité, à l'éducation, à se réunir et à s'associer, etc. **Choisir Fairtrade, c'est choisir de soutenir les droits des autres.**

Tel qu'illustré par la **Fairtrade Risk Map**, de nombreux défis se posent aux producteurs et travailleurs dans différentes parties du monde pour faire respecter ce droit fondamental et d'autres droits humains. Cet outil en ligne, basé sur des recherches approfondies et élaboré avec l'aide des producteurs eux-mêmes, **explique les risques les plus courants et la manière dont le mouvement Fairtrade s'y prend pour les combattre.**

<https://riskmap.fairtrade.net>

Le mouvement Fairtrade s'engage pour le devoir de vigilance en matière de droits humains et d'environnement. Un impératif, au regard des violations commises dans les chaînes d'approvisionnement, comme celles dont témoigne le livre d'Audrey Millet "L'Odyssée d'Abdou : enquête sur le crime organisé".

L'ODYSSÉE D'ABDOUL

Invité récemment par l'ONG Fairtrade Luxembourg à venir témoigner au Grand-duché, **Abdou, un jeune ivoirien a été victime de traite humaine.** Pourtant à son départ, il était en quête d'une chose simple : un emploi.

Rêvant de sortir de la misère et de devenir couturier, Abdoul quitte sa famille. Il n'est pas alors conscient qu'il met le pied dans un engrenage bien plus grand et plus fort que lui. Ainsi, son voyage se transforme rapidement en réelle odyssée.

Que faire, comment agir ? Parlez-en. Mettez en lumière ces crimes en partageant ce parcours poignant.



REGARDEZ L'INTERVIEW RÉALISÉE PAR LE
MÉDIA FRANÇAIS KONBINI



OFFREZ DU SENS

St. Valentin, Pâques et bien d'autres fêtes sont autant d'occasions où les douceurs chocolatées occupent souvent une place privilégiée. De belles opportunités pour **soutenir les droits des producteurs** et respecter l'environnement en optant pour des produits issus du commerce équitable.



NEIEGKEETEN AUS DER GEMENG

D'Gemengereglement betreffend Poubellen



Als Erënnerung wëlle mir Är Opmierksamkeet op folgenden Extrait aus dem Gemengereglement zum Offall lenken: „D'Behälter müssen ëmmer op enger Plaz, oppen oder iwwerdeckt, gelagert ginn, déi zu der privater Immobilie gehéiert, sou dass si net vum ëffentleche Raum aus ze gesi sinn, mat Ausnam vum Dag, dee virgesinn ass fir d'eidel maachen, respektiv den Dag virdrun. Nodeems de Camion passéiert ass, müssen d'Behälter nees zrëck op hir Plaz gesat ginn.“

Dat komplett Reglement fannt Dir op eiser Internetsäit www.kopstal.lu.

Comme rappel, nous aimerions porter votre attention sur l'extrait suivant du règlement communal concernant la gestion des déchets: "Les récipients doivent toujours être stockés dans un endroit, ouvert ou couvert, appartenant à la propriété privée en question, de façon à ne pas être visibles à partir du domaine public, à l'exception du jour planifié pour la vidange des récipients respectivement le jour avant et le jour après cette vidange. Après le passage du camion de collecte, les récipients sont à rentrer de suite."

Vous trouvez le règlement complet sur notre site web www.kopstal.lu



NEIEGKEETEN AUS DER GEMENG

Agrarplateau Laangriicht an de Bëschhang Wuderdall –

Erosiounsschutz-Moosnamen



Zanter enger Rei Jore ginn d'Infrastrukturen an d'Haiser an der Rue Schmitz zu Koplescht bei extreme Reefäll ëmmer erëm vu Schlammmassen iwwerschemmt. Dëse Projet huet d'Zil dëse Risiko ze reduzéieren.

D'Zesummenaarbecht vun allen Acteuren (Gemeng, Verwaltungen, landwirtschaftlech Beroder, Proprietären, Baueren) ass d'Grundlag vum Projet an erméiglecht et, präventiv a kurativ Moosname géint d'Erosiounëmzesetzen, fird'Buedemerosioun ze reduzéieren, d'Oflafe vu Waassermassen ze limitéieren an domat de Materialtransport vum Plateau an d'Uertschaft ze verréngeren.

Duerch den aktive Bäitrag vun der Landwirtschaft konnten nohalteg Bewirtschaftungspraktiken um Plateau definéiert ginn, déi d'Problematik bei der Wuerzel uginne. Ergänzend zu de besteende

Moosnamen um Plateau ginn och Aktiounen um Bëschhang „Wuderdall“ ëmgesat.


De Bureau d'études InterAlia gouf vun der Gemeng Koplescht beoptraagt, en Aktionsplang mat Erosiounsschutz-Moosnamen auszeschaffen, deem d'territorial Aspekter berücksichtegt, wéi z.B.:

- D'Uertschaft Koplescht an d'Quellschutzgebitt um Fouss vum Plateau schützen;
- D'Gestioun vun de landwirtschaftleche Flächen um Plateau, am Kontext vum Quellschutz verbessern;
- D' Biodiversitéit an d'Objektiver vum Natura 2000-Gebitt „LU0001018“, dat de westlechen Deel vun der Etüderegion ausmécht, erhalen;
- De Projet an déi kommunal Initiativen am Kader vum Klimapakt integréieren.

Bëschmoosnamen

Vun 2025 u gëtt eng nei Phas vu Moosnamen um Bëschhang „Wuderdall“ ëmgesat. Dës Zon ass aktuell staark vun der Buedemerosioun betraff wéinst dem Oflaf vum Plateau, deem d'Häng, d'Weeër a natierlech d'Topographie staark beschiedegt.





D'Bëschzon kann eng wichteg Roll beim Reduzéiere vun dësem Risiko spillen.

Zesumme mat den agrare Moosnamen huet dës Phas als Zil:

- D'Ofleef vum Uewerflächewaasser ze bremsen a geziilt ze leeden;
- Bestoend Rillen a kleng Grief stabiliséieren;
- Spadséier- a Forstweeër schützen.

Dës Moosname ginn duerch natierlech Strukturen ëmgesat fir de Waasseroflaf ze verlangsamen, dorënner:

- Hëlze Stützmaueren a kleng Grief méi déif wéi 60 cm – 2 Stéck ginn installéiert;
- Eng einfach holze Schwell, déi a Rille vun zirka 60 cm Déift agebaut gëtt – 9 Stéck ginn op Distanze vun 10–15 m ugeluecht;
- Eng Verdéiwung laanscht d'Weeër;
- Fëschschwanz-fërmeg Bënde vu klengen Äscht, ginn a flaache Grief vu ronn 30 cm Déift verankert.

Dës Strukture bestinn aus natierleche, lokale Materialien a passe sech sou gutt un d'Bëschlandschaft un. Si droen och zur Biodiversitéit bäi, andeems se d'Liewensraum fir Planzen an Déieren ënnerstëtzen.




Agrarmoosnamen

Zanter 2021 sinn um landwirtschaftleche Plateau kurativ Moosnamen ëmgesat ginn, dorënner d'Installatioun vu Stréifaschinen op dräi empfindleche Plazen, wou vill Waasser ofleecht a Buedem erodéiert gëtt.


D'Hauptfunktoun vun de Bënde besteet doran, de Reewaasseroflaf ze bremsen an ze filteren, sou datt d'Buedempartikele sech méi wäit uwen usetze kënnen.

Des weideren, droen déi duerch Gras a Blumme bewuesse Sträifen, kombinéiert mat de Reisgebëndelen, zur Ënnerdeelung vun de Felder um Plateau bäi.

Amenagement Nr. 1



Amenagement Nr. 2



NEIEGKEETEN AUS DER GEMENG

Neien Trakter a Gefierer fir d'Gemeng

 Zënter Ufanks Februar 2025 huet d'Gemeng Koplescht ee multifunktionellen Trakter vun der Mark Massey-Ferguson am Betrib. Dëst Gefier erlaabt dem Service Technique et, flexibel an onproblematesch Aarbechten am Beräich vun der Logistik, dem Heckeschneiden, dem Streedéngscht oder och nach dem Transport vu verschiddene Materialien z'erméiglechen. Den Trakter ass dofir mat engem Frontlader equipéiert a gouf duerch een Unhänger mat Wiessel-Containerservice ergänzt, bei deem d'Bennen och op de Gemenge-Camion

passen. Déi grouss Heckeschéier gëtt am Laf vum Joer geliwwert, dat erlaabt et eisem Service Technique z.B. och eise Fierschter bei senger Bëschaarbecht z'ënnerstëtzen.

D'Mataarbechter, déi den Trakter wäerte steieren, krute Freides, de 14ten Februar 2025 déi néideg technesch Formatioun vun engem spezialiséierte Vendeur dee si präzis ageschafft- a mat der moderner Technik vertraut gemaach huet.

Déi nei Gefierer goufen dem Gemengen- a Schäfferot den 26. Februar präsentéiert.





Nature for People

Bestimmungskurs für Pflanzen

Lernen Sie die Grundlagen der Pflanzenbestimmung kennen! Schwerpunkt ist die Bestimmung von Blütenpflanzen unter wissenschaftlicher Anleitung mit Hilfe von Florenwerken. Dabei werden die Merkmale der wichtigsten Pflanzenfamilien vorgestellt und Anleitungen zum botanischen Sammeln sowie zur Anlage eines Herbars gegeben. Am letzten Kurstag geht es ins Gelände, um das Erlernte dort anzuwenden. Der Kurs richtet sich in erster Linie an Naturinteressierte, die bereit sind, sich mit kleinteiliger Bestimmungsarbeit zu beschäftigen.

Wann & wo?

Der Kurs findet an sechs Nachmittagen jeweils mittwochs von 14 bis 16 Uhr im Festsaal in Olm, 10, rue de Capellen, statt. Die sechs Kurstermine bauen inhaltlich aufeinander auf. Der Kurs findet in luxemburgischer Sprache statt.

Termine:	23.04.2025	07.05.2025	21.05.2025
	04.06.2025	11.06.2025	18.06.2025

Anmeldung & Kosten

Die Teilnahme am Kurs ist kostenpflichtig. Die Teilnahmegebühr beträgt 40 €; für Studenten gilt ein reduzierter Preis von 20 €. Eine Rückerstattung bei Nichtteilnahme ist nicht möglich. Bestimmungsbücher und Material werden zur Verfügung gestellt. Die Teilnehmerzahl ist auf 25 Personen begrenzt.

Eine verbindliche Anmeldung ist bis zum 01.04.2025 erforderlich.

Zur Anmeldung erkundigen Sie sich bitte zunächst bei SICONA nach freien Plätzen.

Naturschutzsyndikat SICONA
administration@sicona.lu
12, rue de Capellen L-8393 Olm
Tel. 26 30 36 25

Der Bestimmungskurs wird vom Naturschutzsyndikat SICONA und dem Nationalmuseum für Naturgeschichte durchgeführt, in Kooperation mit der *Groupe de recherche botanique de la Société des naturalistes luxembourgeois* sowie der *Association des biologistes luxembourgeois*. Der Kurs wird vom Ministerium für Umwelt, Klima und Biodiversität unterstützt. Kurs-Leitung: Dr. Simone Schneider (Naturschutzsyndikat SICONA) sowie Thierry Helming (Nationalmuseum für Naturgeschichte).



People for Nature

NATUR & TOURISMUS

Rettungspunkten am Gemeindebësch Koplescht

Text a Fotoen: ANF

 An eise Gemeindebëscher sinn am Hierscht, vum Bëschservice, Rettungspunkter opgestallt ginn. Dëst ass am Sënn vun der Sëcherheet vun all de Visiteure vum Bësch, si erfir Leit déi hir Fräizäit am Bësch verbréngen oder déi, déi am Bësch schaffen. Dës Rettungspunkte sinn do, fir datt d'Rettungsdéngschter am Fall vun engem Accident séier kënnen op der Plaz sinn.

Rettungspunkte

“Bei den Rettungspunkten handelt es sich um Schilder, welche sich an strategischen Orten im Wald befinden und auf denen die Notrufnummer (112), eine Identifikationsnummer (z.B. KO-003) und die geographischen Koordinaten des Ortes vermerkt sind. Im Notfall (z.B. Unfall, Waldbrand) können Spaziergänger/innen dem Rettungsdienst anhand dieser Informationen den genauen Standort mitteilen. Durch die genaue Ortung kann der Rettungsdienst den kürzesten Anfahrtsweg bestimmen und das am besten geeignete Fahrzeug wählen. Orientierungshilfe im Notfall Im Notfall (Unfall, Brand usw.) rufen Sie den Rettungsdienst (112) und teilen Sie Ihren Standort mit, indem Sie die Nummer des nächsten Rettungspunkts nennen.”

Des Rettungspunkter sinn iwwer déi ganz Bëscher an den Gemeinde verdeelt an decken domat och relevant Plazen am Bësch of.

Wann een an de Bësch geet, sollt een dann natierlech Kenntnis driwwer hunn, weien Rettungspunkt am noosten ass. Am engem Noutfall kann een dann dem CGDIS uruffen an hinnen d'Beschrëftung vum Rettungspunkt (z.B. KO 001) duerchginn. All Rettungspunkt huet säin individuelle Code an ass domat beim CGDIS bekannt.



NATUR & TOURISMUS

Wéilt och Dir eng schéi bléiend Blummewiss bei lech hunn?



Kommt lech en
Echantillon vun
enger LUX-
Mëschung an de
Guichet vun Ärer
Gemeng sichen!

E Feld vum Wëllplanzesom
Lëtzebuerg fir d'Produktioun vu
Geseems.

Déi véier LUX-Mëschunge fir de Siidlungsraum. D'Qualitéit gëtt
duerch eng Zertifizéierung sécher gestallt.

Nom Wanter geet et lass: Mäerz bis Abrëll ass et nees Zäit fir unzeséien!

Fir d'Bestëbser an d'Biodiversitéit ze
ënnerstëtzen ass eng qualitativ héichwäerteg
Geseemsmëschung mat Wëllplanzen aus
eiser Regioun géeeegent.

De Naturschutzsyndikat SICONA an de
Naturmusée hu viru puer Joer zesumme
mat weidere Partner eng Lëtzebuerger
Someproduktioun vu Wëllplanzen opgebaut.

D'Bauere vun der Wëllplanzesom Lëtze-
buerg-Genossenschaft produzéieren dës
Geseems vun heemesche Wëllplanzen op

hire Felder. D'Planze ginn no ökologesche
Krittären ugebaut, de Som gëtt recoltéiert an
d'Firma Rieger-Hofmann stellt d'Geseems
dann zu verschiddene Wëllplanzemëschun-
ge fir Lëtzebuerg zesummen.

Jiderengem, deen eng Blummewiss bei
sech doheem am Gaart oder op öffentleche
Gréngflächen uleeë wëll, recommandéiere
mir d'LUX-Mëschunge vum Wëllplanzesom
Lëtzebuerg. Dës Mëschungen enthalen
nëmmen Aarten, déi zu Lëtzebuerg natierlech
virkommen a wichteg Fudderplanze fir eis
heemesch Päiperleken an aner Insekten sinn.

Rettungspunkt huet säin individuelle Code
an ass domat beim CGDIS bekannt.



Wou kann ee LUX-Mëschunge kafen?

Fir Flächen ëm 25 m² an den Dierfer a Stied kenne méi grouss Tute vun de véier Mëschungen LUX-Blumenwiese, LUX-Blühender Schotterrasen, LUX-Bunter Saum & Schmetterlingspflanzen an déi nei Mëschung LUX-Fugenmischung bei folgende Partner an Ärer Ëmgéigend kaaft ginn:

- Angelduerf, Barenbrug Luxembourg
- Bartreng, a.c.i.e.r. Luxembourg
- Bartreng, co-labor
- Colmer-Bierg, De Verband V Shop
- Diddeleng, Fondation Kräizbierg
- Dippech, Mon Jardin
- Kockelscheier, Haus vun der Natur
- Léiweng, De Verband V Shop
- Ollem, Naturschutzsyndikat SICONA
- Réiden op der Atert, Op der Schock
- Réiden op der Atert, Waasserhaus
- Steesel, Barnschoul Becker
- Useldeng, Tourist Info Wëlle Westen

Weider Verkafsplazen a vill zousätzlech Informatiounen zum Wëllplanzesom Lëtzebuerg fannt Dir op: www.wellplanzen.lu.

All d'LUX-Mëschunge kënnen och a gréissere Quantitéite bei der Firma Barenbrug zu Angelduerf oder online am Web-Shop vun der Firma Rieger-Hofmann (www.rieger-hofmann.de) ënnert „Mischungen für Luxemburg“ kaaft ginn.

Fir déi richteg LUX-Mëschung auszewielen, berode mir lech gären.



Kontakt

Naturschutzsyndikat SICONA

12, rue de Capellen L-8393 Olm

✉ administration@sicona.lu

☎ 26 30 36 25



AKTIVITÉITEN & KULTUR

Informatiounsowend fir déi nei LuxTrust-Applikatioun

Text a Fotoen: CCVEI

D'Kommissioun fir interkulturellt Zesummeliwwen (Commissions consultatives - Gemeng Koplescht) huet de 21. November 2024, zesumme mat LuxTrust, e gratis Informatiounsowend organiséiert.

Well den Token den 31. Dezember 2024 deaktivéiert gouf, war et der Gemeng Koplescht wichteg, den Awunner ze hëllefen déi d'LuxTrust Mobile Applikatioun op hirem Handy z'installéieren.

Den Här Paganotti vu LuxTrust huet d'Participanten op eng ganz verständlech



Manéier mat der LuxTrust Mobile Authentifikatiounsapplikatioun bekannt gemaach, hier Sécherheetsvirdeeler erkläert an déi einfach Handhabung demonstréiert.

Hien huet si och bei all Etapp vun der Installatioun op hirem Smartphone begleet.

Opgepasst : Well den Token eng Batterie huet, soll en net an déi normal Poubelle gehäit ginn. Dir kënnt Ären ale Token op follgende Plazen ofginn:

- bei LuxTrust-Partneren
- an der Sammelbox am Populationsbüro vun der Gemeng (1-3, rue Nicolas Goedert, L-8133 Briddel)
- am Recyclingzenter vun der Gemeng zu Kehlen: <https://sicaapp.lu/the-recycle-centre/?lang=fr>
- an de Sammelboxen vun der SuperDrecksKëscht an deene verschiddene Shoppingzentren
- bei LuxTrust: IVY Building, 13-15 Parc d'Activités, L-8308 Capellen, Lëtzebuerg.



AKTIVITÉITEN & KULTUR

Aktioun Chrëscht-päck fir Familljen an Osteuropa

Text a Fotoen: Kanner an Familljenhëllef a.s.b.l.



Ee grouse MERCI all deenen, déi bei der Chrëscht-päckaktioun matgemeet hunn.

An eise Gemengen ass vill gesammelt ginn, vu Lëtzebuerg sinn 2 Camione mat am Ganzen 3002 Liewensméttelpäck a villen aneren Artikelen op Bocsa (Rumänien) a Lutsch (Ukrain) gefuer, wou alles gutt ukomm ass an duerch Osteuropahilfe an duerch Mission Help verdeelt ginn ass.

Villmools Merci fir all Päck, Spillsaachen, Baby-a Kannerartikelen, Strécksaachen, Kleeder, Decken, Geldspenden an Iwwerweisungen un dës Hëlleforganisatioun.



Kontakt

Kanner an Familljenhëllef a.s.b.l.
7, rue de Kehlen
L-8394 Olm

☎ 6661 309 320
CCPLULL
LU61 1111 7038 8755 0000
RCS : H10515

AKTIVITÉITEN & KULTUR

Retrospektiv – Vergaange Manifestatiounen Dezember 2024 bis Januar 2025

Adventsconcert Kielener Musék - 12.12.2024

Den 12. Dezember 2024, huet d'Kielener Musek ënnert der Direktioun vum Johan Cristina an d'Young People Band Kehlen ënnert der Direktioun vum Nico Berton een Adventsconcert an der Briddeler Kierch organiséiert. Den Entrée war fräi an den Erléis ass integral fir ee gudden Zweck gespend ginn.

Fotoen 1 - 2

Chrëschtfeier bei der Amiperas Koplescht/Briddel - 21.12.2024

E Samschdeg den 21. Dezember hat d'Amiperas Koplescht/Briddel hier traditionell Chrëschtfeier um Briddel an der Sportshal. Et goufe Jubilare geéiert an zwar:

95 Joer: HAAS-WEYDERT Hilda (net op der Foto) 92 Joer: AREND-BACKES Laure (net op der Foto). 91 Joer: FERRO-FRIEDEN Marie-Josette, THEATO-BERTOLO Anny 90 Joer: Anen-PAULY Irène

Och de Weihnachtsmann huet sech et net huele gelooss laanscht ze kommen an all Memberen ze beschenken.

Fotoen 3 - 5

Cabaret „E satiresche Réckbléck“ - 22.01.2025

Fir d'Joer richtig unzefänken, huet d'Kulturasbl den 22. Januar 2024 de Cabaret „**E satiresche Réckbléck op 2024**“ vum Roland Gelhausen am Kulturhaus organiséiert. Dëst Event war e grouse Succès a konnt vill Leit begeeschteren. D'Kulturasbl ass houfreg, lech e reegelméisseg a variéierte Programm am Kulturhaus ubidden ze kënnen. D'Evenementer ginn zu gegebener Zäit op der Facebook-Säit vun der Kulturasbl annoncéiert: <https://www.facebook.com/KulturasblKopstal/>.

Fotoen 6 - 7

Neijoerschpatt - 23.01.2025

Den 23. Januar war de Gemengerot, d'Gemengepersonal, d'Schoulpersonal, d'Memberen aus sämtleche Kommissiounen a lokale Veräiner op den Neijoerschpatt vun der Gemeng invitéiert. D'Invitéeën haten ee gesellegen Owend a konnte sech iwwert d'Iddien a Projeten am Interêt vun eiser Gemeng austauschen an domadder gutt an dat neit Joer starten.

Fotoen Seiten 22-23



1



2



3



4



6



5



7





Den 8. Februar war de Kannerfuesbal um Briddel.

Vill Kanner ware mat hiren Elteren do an hunn ee flotten Nomëtte mat spillereschen Aktivitéiten an ausgefalene Kostümer verbruecht. Et goufen interaktiv Spiller, Holzspiller an eng Mini Disco ugebueden. Fir leckert lessen a Gedrénks hunn d'Elterevereenegung an d'Jugendhaus Briddel gesuergt.









Seit einigen Monaten stellt die Polizei eine **starke Zunahme von Einbrüchen in Kraftfahrzeuge** fest, welche an abgelegenen, verkehrsarmen Örtlichkeiten abgestellt wurden.

BEUGEN SIE VOR:

- Lassen Sie keine Wertgegenstände im Inneren des Fahrzeuges zurück!
- Verschießen Sie immer sorgfältig Fenster, Türen und Schiebedach!
- Informieren Sie die Polizei bei Beobachtungen von verdächtigen Personen oder Fahrzeugen!



Zeichnung: Magali Speicher, Schülerin der 2e CE
des Lycée de Garçons Esch

AKTIVITÉITEN & KULTUR

Traditionnellt Buergbrennen zu Koplescht

Fotoen: Max Staus

■ Samschdeg, den 8. Mäerz, war zu Koplescht dat traditionnellt Buergbrennen. Vill Awunner aus der Gemeng sinn zesummekomm fir de Wanter ze verdreiwen. De Service régie, esouwéi d'AESA Scouten, d'Jugendhaus Briddel an den FC Kopstal 33 hunn dozou bäigedroe fir aus dem dësjärege Buergbrennen ee flott Event ze maachen. Fir Animatioun huet eng Licht Show gesuergt an de Muséks Duo Silk & Sonic.







VORSICHT VOR PHISHING PER SMS, E-MAIL ODER TELEFON!

1



Der Betrüger gibt sich als vertrauenswürdiger Dritter (staatliche Behörde, Bank...) aus und sendet Ihnen einen Link per SMS oder E-Mail. Er kann sogar mit einer **gefälschten luxemburgischen Nummer** anrufen.

2



Die erhaltene Nachricht ist besorgniserregend (z. B. illegale Bankabhebungen) **oder attraktiv** (Steuerrückerstattung, Auszahlung von Prämien...) und fordert zum **Klicken auf einen Link** auf.

3



Dieser Link führt zu einer **betrügerischen Website** mit dem Ziel, **Ihre persönlichen Daten zu stehlen**.

Ratschläge zur Vorbeugung:

- **Geben Sie niemals Informationen und persönliche Daten an Fremde weiter**, oder nach denen Sie per E-Mail, SMS oder anderen Nachrichtendiensten gefragt werden.
- **Klicken Sie nie auf einen Link**, der Ihnen von einer **unbekannten Quelle** geschickt wurde.
- Seien Sie misstrauisch bei Nachrichten oder Anrufen, die Sie zu einer schnellen Reaktion auffordern.
- **Lassen Sie sich niemals zu einer Zahlung oder zur Übermittlung Ihrer Daten drängen**, und nehmen Sie sich stets die Zeit, solche Anfragen zu hinterfragen.
- **Prüfen Sie immer, ob die Nachricht persönlich an Sie gerichtet ist**, bzw. ob sie **Fehler** oder **falsche Übersetzungen** enthält.
- Seien Sie sich bewusst, dass seriöse Organisationen und Unternehmen Sie niemals dazu auffordern, persönliche Daten per E-Mail zu senden.

Wenn die Herkunft einer Nachricht oder eines Anrufs unklar ist und/oder Zweifel bestehen, wenden Sie sich zunächst über die üblichen Kommunikationsmittel an das betreffende Unternehmen, um zu überprüfen, ob es sich um einen Betrug handelt oder nicht.

Wenn Sie Opfer eines Betrugs geworden sind, wenden Sie sich an eine unserer Polizeidienststellen, um Anzeige zu erstatten.





Wie wäre es, wenn Sie eine staatliche Klimabonus-Förderung für den Umstieg auf Elektromobilität erhalten?

Die Förderung der Elektromobilität bleibt ein Schlüsselement der Bemühungen zur Dekarbonisierung des Transportsektors. Die luxemburgische Regierung setzt ihre Bemühungen um eine nachhaltige Mobilität durch ihr Förderprogramm **Klimabonus** fort.

Fahren Sie mit den Klimabonus-Mobilitäts-beihilfen in eine nachhaltige Zukunft

Seit dem 1. Oktober 2024 beträgt die Prämie für den Kauf eines reinen Elektroautos (bis zu 16 kWh/100 km), eines elektrischen Familienautos (mindestens 7 Sitze) oder eines emissionsfreien Lieferwagens (Wasserstoff oder Elektroantrieb) 6.000 €. Für ein Elektroauto mit einem Verbrauch zwischen 16,1 kWh/100 km und 20 kWh/100 km beträgt die Beihilfe 3.000 €, vorausgesetzt die Leistung eines Autos mit einem Verbrauch von über 18 kWh/ 100 km übersteigt nicht 150 kW.

Fahrer von leichten Fahrzeugen wie Quads, Motorrädern und Mopeds können ebenfalls einen Zuschuss von bis zu 1.000 € für den Kauf eines elektrischen Modells erhalten.

Ein neuer Zuschuss von 1.500 € wurde ab dem 1. Oktober für gebrauchte Elektrofahrzeuge eingeführt, die mindestens drei Jahre alt sind; diese müssen mindestens zwei Jahre lang gehalten werden.

Die Beträge und die Bedingungen für die Klimabonus-Beihilfen finden Sie auf unserem Klima- Agence-Simulator: aides.klima-agence.lu.

Laden Sie Ihr Fahrzeug bequem und nachhaltig zu Hause auf

Zusätzlich unterstützt die Regierung die Installation von privaten Ladestationen. Sie können eine Förderung von bis zu 1.200 € für eine intelligente Ladestation in einem Einfamilienhaus (1-3 Plätze) und bis zu

1.650 € für eine Installation in einer Eigentumswohnung (≥ 4 Plätze) erhalten. Die Installation muss jedoch bis Ende 2025 fertiggestellt werden. Wenn Sie über eine Photovoltaikanlage verfügen, können Sie den erzeugten Strom auch direkt zum Laden Ihres Fahrzeugs verwenden.

Weitere Informationen zu Ladestationen finden Sie auf unserer Vergleichsplattform für Ladestationen unter bornes.klima-agence.lu.

Planen Sie den Kauf eines neuen Elektroautos? Klima-Agence unterstützt Sie bei Ihren Überlegungen vor dem Kauf Ihres zukünftigen Fahrzeugs, indem sie Ihnen eine unabhängige und kostenlose Grundberatung für Ihre nachhaltige Mobilität anbietet. Vereinbaren Sie einen Beratungstermin (telefonisch oder bei Ihnen zu Hause) unter klima-agence.lu oder telefonisch unter T. 8002 11 90.

Praktesch Informatiounen

BIERGERZENTER

1-3 rue Nicolas Goedert
L-8133 Bridel

Öffnungszäiten:

méindes bis freides vun
7h30-12h00 an 13h00-16h00

RÉCEPTION

☎ 27 3 27 - 222
✉ population@kopstal.lu

BUREAU DE LA POPULATION

☎ 27 3 27 - 222
✉ population@kopstal.lu

SERVICE ENSEIGNEMENT

☎ 27 3 27 - 203
✉ population@kopstal.lu

SERVICE DE MÉDIATION

✉ mediation@kopstal.lu

CONCIERGERIE COMMUNALE

76, rue de Luxembourg
L-8189 Kopstal

☎ 27 3 27 - 327
✉ conciergerie@kopstal.lu

Öffnungszäiten:

méindes bis freides vun
13h00-19h00

MAIRIE

28, rue de Saeul
L-8189 Kopstal

SECRÉTARIAT COMMUNAL

☎ 27 3 27 - 305
✉ secretariat@kopstal.lu

RECETTE COMMUNALE

☎ 27 3 27 - 401
✉ recette@kopstal.lu

COMPTABILITÉ COMMUNALE ET RESSOURCES HUMAINES

☎ 27 3 27 - 303 | - 304
✉ facturation@kopstal.lu

COMMUNICATION

ET RELATIONS PUBLIQUES
☎ 27 3 27 - 302 | - 306
✉ communication@kopstal.lu

SERVICE TECHNIQUE

22, rue de Luxembourg
L-8184 Kopstal

SERVICE TECHNIQUE

☎ 27 3 27 - 501 | - 502 | - 503
✉ servicetechnique@kopstal.lu

SERVICE URBANISME

☎ 27 3 27 - 507 | - 508
✉ urbanisme@kopstal.lu

SERVICE DES EAUX

☎ 661 402 328 ou 661 402 329
✉ eau@kopstal.lu

SERVICE RÉGIE

☎ 27 3 27 - 504 | - 505
✉ servicetechnique@kopstal.lu

AUTRES CONTACTS

CIS KOPSTAL

☎ 49771 - 3450
✉ ciskop-cadre@cgdis.lu

PERMANENCE SOCIALE

Ines Figueiredo
☎ 26 11 37-31 | 621 267 162
✉ ines.figueiredo@oscmamer.lu

CIGL KOPSTAL-BRIDEL ASBL

☎ 26 10 35 19
✉ kopstal@ciglkopstal.lu

KOBRIBUS (Service Ruffbus)

☎ 27 327 - 333

ÉCOLE FONDAMENTALE BRIDEL

☎ 27 3 27 - 203 (service scolaire)
✉ comite@kopstalschoulen.lu
24, rue de l'école
L-8128 Bridel

MAISON RELAIS BRIDEL

☎ 27 3 27 - 812
✉ mre@kopstalschoulen.lu
www.maisonrelais-bridel.lu
4, rue François-Christian Gerden
L-8132 Bridel

PRÉPOSÉ DE LA NATURE ET DES FORÊTS

Daniel Steichen
☎ 621 202 116
✉ daniel.steichen@anf.etat.lu



